



Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Wéi verschiddenen däitsche Medieberichter ze enthuele war, goufen an de leschte Méint queesch duerch Europa erfollegräich eng Rei gréisser Policeoperatioune géint déi organiséiert Drogekriminalitéit duerchgefouert. No deenen zitéierte Medieberichter waren des Erfolleger virun allem dorop zeréck ze féieren, datt et der franséischer Police gelonge war, an de cryptéierte Kuerznoriichtendéngscht "EncroChat" anzedrénge an d'Messages ze dechiffréieren a justiziell ze exploitéieren.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister:

- 1) Däerfen d'Police, respektiv de SREL op cryptéiert Messages op Handyen zougräifen? Wa jo, ënnert wéi enge Konditiounen a mat wéi enge Prozeduren? Wann net, ass un eng Gesetzesännerung geduecht?
- 2) Verfügen si iwwert déi néideg personnell Moyenen an technesch Equipementer fir kënnen modern Verschlüsselungen, wéi se och an der organisierter Kriminalitéit benotzt ginn, ze dechiffréieren? Wann net, ass dru geduecht fir hir Ressourcen an nächster Zäit opzestocken an ze moderniséieren?
- 3) Kënnen d'Lëtzebuerger Autoritéite doriwwer raus kuerzfristeg op d'Ressource vun auslännesche oder internationale Partner an Agenturen zeréckgräifen, wann si am Einzelfall net iwwert dat noutwenneg Personal oder deen néidegen techneschen Equipement verfügen? Falls jo, op wéi enger rechtlecher Basis?
- 4) Op wéi enger rechtlecher Basis kënnen potentiell strafrechtlech relevant Donnéeën, déi cryptéiert woren a vun de Lëtzebuerger Sécherheidsdéngschter selwer entschlüsselt goufen oder de Lëtzebuerger Enquêteure vun auslännesche Partner iwwermëttelt goufen, zu Lëtzebuerg viru Geriicht benotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser  
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS  
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff  
Service des séances plénières et  
secrétariat général  
Tél : 466.966.223  
Fax : 466.966.210  
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec le Parlement  
Luxembourg

Luxembourg, le 31 mars 2021

Objet : Question parlementaire n° 3989 du 31.03.2021 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser -  
Accès aux messages cryptés

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin  
que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen  
Président de la Chambre des Députés